PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/06/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

An engem Artikel vum Lëtzebuerger Wort vum 7. Juni 2021 goufen Zuelen iwwert Recetten vum Projet Ecobox vun der SuperDrécksKëscht veröffentlecht.
D'SuperDrécksKëscht gëtt bekannterweis vun enger privatrechtlecher Firma exploitéiert.
D'Recetten déi an deem Artikel genannt ginn decken sech awer weder mat der genannter Unzuel vun Ecoboxen am Ëmlaf, nach mat engem realisteschen Taux vu sougenanntem "Pfandschlupf". Falls 76.011 Behälter am Ëmlaf wieren, missten 380.055 EUR Pfand ageholl gi sinn. Den Artikel schwätzt awer vu Recetten vun 337.554,47 EUR.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Aus wat setzen sech déi genannten Recetten zesummen?
2. Wien profitéiert vun dëse Recetten?
3. Wéi een Taux vu "Pfandschlupf" gett beim System "Ecobox" ugeholl?
4. Op wéi enge Konten ginn d'Suen déi aus dem Pfand entstinn blockéiert? Sinn dat déi vum Trésor oder vun enger privater Firma?
5. Ass garantéiert, datt d'Suen aus dem Pfand just fir unhuelen an ausbezuele vum Pfand benotzt ginn an net an déi normal Trésorerie vun der SuperDrécksKëscht fléissen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député